

d' Peffermillen

Dass d'Walresultat vum 17. Juni bei muenche géif Mokrämp ausléisen, wor sech z'erwaarden. Be-
sonnesch deen iwerraschend héigen Erfolleg vun den Gréngen schéngt a konservative Kreesser
schwéier ze verdaue sin. Schon am Walkampf hun si (grad wi d'Lénksparteien) versicht, de Wieler
z'iwuerzeegen, di "Gréng-Alternativ" wäre keng *echt* Gréng, mä Rouder an di *echt* "gréng Bewe-
gung" (lies "Mouvement écologique") hätt jo och kloer hir Distanze geholl. Dem lz säi Bauchwéi
schéngt esou staark ze sin, dass en den 3. Juli nach am LW jéimert an di selwecht Argumenter
widerhëllt. Dat 2. Argument muss am LW allerdéngs verwonneren, well d'CSV schéngt ze vergies-
sen, dass den LCGB och émmer nees séng Distanz zur C-Partei betount, trotz Iwwereestëmmen a
sachleche Froen, an de "Mouvement écologique" gesäit sech selwer bekanntlech als Umweltgewerk-
schaft ... Dat éischt Argument - di Gréng si keng *echt* Gréng - schéngt dem Koschter awer fir
d'CSV nach vill méi geféierlech, well géif ee nët kënne mat op mannst su vill Wourecht vun der
CSV behaapte, si wär keng *echt* Chrëschtlech Partei? m.p.

*

Ons ka näscht méi geschéien: ons Polizei, di jo säit Joren méi Personal fuerdert, krut op
Kinnéksgebuertsdag e neie Fendel! An dee Fendel gouf och nach vum Militäraumonier geseent. -
E klengt Meedchen dat deem reliöse Folklor mat séngem Papp nogekuckt huet, wor ganz verwonnert
an huet gemengt: "T seent een dach Leit, a nët Saachen." Esouen theologesche Purismus as wuel
nëmme bei Kanner méiglech, well de Koschter wees aus laangen Zeitungsberichter, dass och Waffen,
Autoen an aner Kënnbake geseent gin. f.f.

*

Bei engem Kolloque vun der UNESCO an der ASTI, 1982 zu Lëtzebuerg, hat den aktuelle "Commis-
saire à l'Immigration", den Här Gaston Raus, sech scho blaméiert wi e sot, hie wär géint zevill
Efforten fir eng besser schoulesch Ausbildung vun den Auslännerkanner, well all Natioun bräicht
och e Reservoir vun onqualifizéierten Aarbechter. De Koschter hat dat deemools als perséinle-
chen Ausrutscher ugesin, mä den Här Raus as sech méi konsequent wi esou: An engem Artikel am
Bulletin "Benelux" Nr.1/84 - vum "Service Information et Presse" landeswäit verbreet! -
schreift en: "(...) *il n'est pas opportun, à mon avis, de faire droit à toutes les revendica-
tions de particularisme des étrangers, surtout en matière de maintien des liens culturels, qui
est devenu un slogan à la mode.*" Donieft stellt en di "*mouvements de xénophobie et de racisme*"
am Ausland op ee Nivo mat der Campagne fir d'kommunalt Walrecht vun den Auslänner. - Dass den
Här Raus mat deenen zwee Sätz un éischer Stell d'ASTI wëllt treffen, as fir de Koschter kloer.
Mä de Koschter kënnt nët derlaanscht festzehalen, dat den Här Raus domat och 1. séng Funktiou-
nen als Immigratiounskommissär widersprecht, deen un éischer Plaz d'Interessié vun den Aus-
länner misst verteidegen, an dass en 2. als Beamten a klorem Widersproch zur fréierer wi aktuel-
ler Regierungspolitik steet: "*Le choix interculturel qu'a fait notre pays prend en compte la
double dimension d'identité et de diversité. (...) Comme dans leur diversité même (les pratiques
et valeurs culturelles) constituent une richesse et non un affaiblissement, il importe de les
mettre en rapport les unes avec les autres, de les interféconder, d'instaurer entre elles com-
munication et ouverture*", sot z.B. 1983 de F. Boden virun der UNESCO-Vollversammlung. De Kosch-
ter wär virwëtzeg dem Familjeminister séng Meenung iwert séngem Beamten séng nationalistesch
Usiichten gewuer ze gin. christ

*

Fréier wor ët esou, daß an de Summerméint, wann den Direkter an d'Vakanz war, och emol mi
kritesch Leitartikelen am LW ze liese woren, z.B. iwert d'Mënscherechter a westleche Länner.
Déi Zäite sin dout, a wat den lz sech am August a puncto Südafrika geleescht huet, geet kaum
nach op eng Kouhout. Schreift e jo nët den 23.8.1984: "*Man sollte sich also mindestens mit der
Frage auseinandersetzen, ob die von den Südafrikanern eingeleitete, zu Selbständigkeit und
Wahlrecht der Schwarzen führende Homeland-Politik - allerdings unter der Voraussetzung, daß
sie mit optimalen Bedingungen für die Schwarzen verbunden ist und sich nicht bloß als ein Ab-*

schieben eines lästigen Ballastes in arme Regionen entpuppt - nicht etwa das geringere Übel ist." Wëi zynesch esou Iwwerlëunge sin, kann ee nëmme verstoe, wann ee "Schwarze" duerch "Lëtzebuenger" ersetzt an "Homeland-Politik" duerch "Emsidelunge no Schlesien duerch d'Nazi". Genau dat as ä nãmlech. A mir sin haut iwer d'Zoustänn an deenen Homelands op mannst so gutt informéiert wi iwer dat wat am Krich di Emgesidelt hu misse matman. Den lz behaupt, hie wëist ët nët. Vlächicht kann en de "forum"-Dossier Nr. 64/83 erëmkrope, wu di Schwaarz an d'kathoulesch Kierch dat mat allen Détailler erkläert hun. (De Koschter huet och nach Nummeren an der Réserve.) Mä op esou Informante lauschtert e nët, schreift en dach selwer deen Dag virdrun am LW. Do werft en dem ARD oder dem ZDF vir, zevill (!) iwer d'Schüleronrouen ze bréngen, an en zitéiert jhust de wäissen Unterrichtsminister, wi wann d'Schüler nëmme Matbestëmmung bei der Wiel vun de Schoulmeeschteren a Profte géife verlaangen. Dass Schüler a Paschtéier an d'ärselwechter Sendung méi Profte, méi Schoulsäll asw. gefuedert hun (1981: 1 Prof fir 18 wäiss Schüler, 1 fir 48 Schwaarzer...), krut e nët mat. An deenselwechten Här lz wot, e Leitartikel ze schreiwen, fir der däitscher Televisioun Mangel u kriteschem Geesch virzewerfen ...! An senger Zeitung woren iwer di Onrouen Enn August, Ufank September an de schwaarze Schlofstied rondëm Johannesburg, iwert déi d'Weltpress op der éischter Säit beriicht huet, knapp e puer Zeilen op der 10. oder 12. Säit ze fanne ... Schummt Iech! Wat hätten d'Lëtzebuenger gesot, wann am Ausland d'Press kee Pipcheswuert iwert hire Streik vum 31.8.1942 verluer hätt? m.p.

*

An der Mamer sin dëslescht doudeg Fësch geschwommen. Di "zoustänneg Instanzen" hun d'Land direkt kënne berouegen: Et as kee Gëft an d'Mamer geschott gin! De Koschter as guer nët berouegt no där Berouegungssprëtz. D'Mamer schéngt also schon esou dout ze sin, dass och ouni Gëft de Frellen d'Loft ausgeet. f.f.